Fräi Allianz A.S.B.L. F12772
Association sans but lucratif
41, rue de la Gendarmerie
L - 4819 Rodange

# Fräi Allianz

## Grondsatzprogramm
## -Virwuert-

**De GSP as ons Idealvirstellung waat eng liewenswert Zukunft ugeet.**
**D'Partei "Fräi Allianz" vereenegt Mënschen onofhängeg vun Hautfaarw, Nationalitéit, ethnescher an relgiéiser Zougehöregkeet.**
**D'Partei as géint all extremistech Stréimungen.**
**Partei setzt sech dofir an, dass et all Bierger gudd geet.**

### 1. Rechtsstaat an Demokratie

D'Muecht gehéiert dem Vollek.
Gewielte Politiker mussen Volleksvertrieder sin, an net nëmmen Parteivertrieder.

Ee Gewielten muss och säi Mandat untrieden ausser et wär krankheetsbedëngt net méiglech.
Domat ass daat Stullrëcklen eriwwer.
Déi Partei, déi bei de Wahlen déi meeschte Stëmmen kritt, muss d'Office an der Regierung sin.
Domat ass dann och d'Dier zou vir Koalitiounsbildungen, déi aleng drop ofzielen eng Partei auszebooten.
Déi Persoun mat de meeschte Stëmmen muss och Premier gin, och wann daat net de Spëtzekandidat ass.

D'Fräi Allianz ss vir d'Ofschaafe vun de 4 Wahlbezierker bei Chamberwahlen.
Et soll ee Wahlbezierk sin, vir daat ganzt Land.
De System Majortz a Proportz muss ofgeschaaf gin.

## 2. Suen a Finanzsystem

Et uss all Eenzelnen entscheede kënnen, ob en mat Borgeld, Kaart oder mat béidem bezillt.
Mir si géint eng Oofschaafung vum Borgeld

## 3. Europa an EU

D'Partei bekennt sech zu Europa an der EU, ass sech aawer bewosst, dass sech munches muss änneren.
Et däerf nie an d'Richtung vun enger EU-Diktatur goën.
Déi eenzel Länner mussen hier Selbstbestëmmung behaalen.
Et muss eng Unioun vir de Bierger sin, a net nëmmen eng Wirtschaftsunioun.

## 4. Ëmwelt

D'Natur an de natiirlechen Lierwensraum sin ze erhaalen.
Keen onkontrolléiert Bauen a keen onkontrolléierten Wuesstem.

D'Rechter vun de Bierger op proppert Waasser a propper Loft musse garantéiert sin.

## 5. Steieren

Mir si vir eng Steierreform, déi méi gerecht ass, vir Kleng- a Mëttelbetrieber bescht méiglech entlaascht gin. Mir si vir méi eng staark besteierung vu Grouss-Konzerner.

## 6. Gesondheet, Soziales a Famill

- mir si vir eng fräi Wiel vun enger Krankekees.
- Vir méi e gerechte Rentesystem
- Eng Opstockung vum Personal an de Spideeler a Fleegeheemer
- Mir si vir en kloer Hausse vun de Salairen vir dee Secteur.
- Vir behënnert Leit musse op all öffentleche Plaatzen a Gebeier gerecht Zougäng gemaach gin.
- Och Caféën a Restauranten sollten e behënnertengerechten Zugang hunn.

Leit déi sech entscheeden, dass hir Kanner net an e Foyer, Crêche oder eng Maison Relais ginn, z.B. well eng Persoun doheem ass, sollen dann och e Salaire dovir kréien.

Cannabis soll medezinesch bedengt jidderengem zougänglech sin.

Bei Dokterbesich soll de Patient nëmmen säin Undeel bezuelen amplaatz mussen op e Remboursement ze waarden.

## 7 Educatioun

Eng Schoulreform, déi och eng ass.
D'Bildung ass eng vu de wichtegsten Saachen a muss politesch onofhängeg sinn.
D'Schüler a Studenten mussen all Facette vun der Geschicht geléiert gin, ouni dass d'Léierpersonal eng pro oder contra Astellung vertrëtt.

Och eng kloer a fair Léier iwwert all politesch Stréimung haut a fréier.

Net nëmmen den Extremismus vu riets muss als falsch dohigestallt gin, mee och deen vu lënks.
z.B: huet huet jo de Kommunismus méi Affer gefuerdert , wéi de Nazismus.

Fräi Allianz A.S.B.L. F12772
Association sans but lucratif
41, rue de la Gendarmerie
L - 4819 Rodange

## 8 Bannen a Baussensecherheet

D'Partei as vir eng Erhéichung vum Policekontingent.
D'Bierger mussen sech sëcher fillen an hieren Heiser, an hierem Land.

Méi eng gerecht an domadd méi eng hard Bestrofung vu Verbriechen.
Afferschutz Virun Täterschutz
Vir onreegelméisseg Kontrollen op de Grenzen.
Vir eng verstänneg Immigratiounspolitik.
Gemengen därfe net gezwonge gin, Migranten opzehuelen.
Vir eng kloer Begrenzung un der Unzuel, waat Asyl ubelaangt.

## 9 Öffentlechen Transport

Eng konsequent Reform vum System be all öffentlechem Transport.
Keng Ännerung vu Fuhrpläng, wann déi zum Nodeel vum Bierger sinn.
D'Partei Fräi Allianz ass och open vir Alterntiven, wéi bspw. De Monorail.
Géint de Muechtmonpol vu Staat an CFL.

## 10 Referendum

Beil all wichtegen Froën muss ee Referendum ofgehaale gin, daat op Staatlecher- an op Gemengebasis.

Dem Ausgang vun dem Referendum muss Rechnung gedroen ginn, also sech drun gehaal ginn.
D'Partei Fräi Allianz ass och open vir eng Direktdemokratie.